

**Avis de la Commission consultative des Droits de l'Homme sur
le projet de loi 7521 portant approbation du Protocole P029 de l'Organisation
internationale du Travail relatif à la Convention sur le travail forcé**

Présentation de M. Gilbert Pregno, président

Déifferdeng, den 9. Abrëll 2020

**E Protokoll vun der Organisation Internationale du Travail (OIT) am Kampf gengt den
Mënschenhandel**

D'CCDH ass jo den Rapporteur iwwert den Mënschenhandel an muss all 2 Joren der Chamber e Bericht ënnerbreeden fir iwwert di Entwécklungen ze berichten déi et an dem Beräich gëtt, ze kucken wéi eng Moosnamen d'Regierung geholl huet an ze evaluéieren op di Moosnamen dann och gegräff hunn. Beim leschten Rapport (2019) war opgefällt dass mer vill Fäll vun Mënschenhandel an der Aarbechtswelt haten an dass di Zuel méi héich war wei déi an aner Beräicher.

Eis war am Virfeld bei eisen Recherchen an och Auditioenen mat den verschiddenen Acteuren opgefällt, dass an der Aarbechtswelt dat Wëssen em Mënschenhandel net grouss war. Gewerkschaften woussten net vill Bescheed doriwwer, bei der Inspection du Travail et des Mines (ITM) huet et geheescht dass si keng Signalementer gemaach haten an och am Aarbechtsministère war éischer eng Haltung wou een net gespuert huet dass en se beonrouegt waren. Mer haten dunn schon fir di xten Kéier gefrot dass d'Regierung sollt duerfir suergen, dass en Protokoll sollt ënnerschriwwen ginn deen 2014 vun der Organisation Internationale du Travail (OIT, op deitsch: Internationale Arbeitsorganisation) déi hiiren Setz zu Genève huet, ausgeschafft gi war. Wann Staaten deen Protokoll ënnerschreiwen dann engagéieren se sech verstärkt, ganz konkret Moosnamen ze huelen am Kampf géingt den Mënschenhandel. Mer hunn fonnt, an esou war och d'Ziel vun der OIT, dass de Protokoll e wichtegt Instrument war fir den Problem besser an den Greff ze kréien.

Den Bericht vun der CCDH huet dozou bäigedroen dass eng verstärkt Fokusséierung op d'Thema Mënschenhandel an der Aarbechtswelt komm ass. Am Parlament, wei mer eisen Bericht virgestallt hunn, war eng grouss Besuergnis (wou dunn och eng Réi vun parlamentareschen Froen gestalt ginn sinn); och an der Aarbechtskommissioun, wei et an engem Bericht stoung, wou den Aarbechtsminister erkläert huet, hie wier sech der Brisanz vum Thema bewosst. Do huet et och geheescht dass d'ITM méi Mëttelen géing kréien, dass en elo géingen Statistiken gemaach ginn fir ze wëssen wei vill Signalementer vun der ITM un d'Police géingen gemaach ginn an dass dann och den Protokoll sollt op den Instanzewee gescheckt ginn.

An elo, am Januar, ass dann och en Projet de loi (PL) deponéiert ginn, wou deen Protokoll sollt kënnen emgesaat ginn. Den PL besteet aus engem eenzegem Artikel. Am commentaire des articles steet dann och dran wat schonn alles besteet, ma do wëssen mer dass et net all ze vill bewierkt huet. Do ass keen Wuert vun dem wat elo nach sollt gemaach ginn. Den PL ass änlech ewéi e Buch mat engem Titel, awer wann een dat Buch elo opmécht stellt een fest dass lauter wäiss Säiten sinn. Mer hunn eis an der CCDH Froen gestallt firwat een muss 7 Joer waarden fir esou en Text op den Instanzewee ze bréngen. Mer stellen eis dann och Froen wéi et weider geet an wéi eng Moosnamen elo wäerten geholl ginn, wann elo dat Gesetz gestëmmt ass (warscheinlech eréischt wann mer di sanitär Kris gemeeschtert hunn). Eis Juristin, d'Madamm Annamarija Tunjic, wäert iech elo nach méi eng detailléiert Analys maachen vun all deenen Punkten déi een hätt misse berécksiichtegen fir en Gesetz ze schreiwen wat och en Instrument soll sinn fir weider ze kommen.

Ech wollt nach op eppes opmierksam maachen: An engem Moment wou vill Aarbechter, Emploien, Entrepreneuren an Independanten, sech Suergen maachen iwwert hir Zukunft, well mer an enger dramatescher Zäit sinn, sinn et déi Mënschen déi ausgebeut ginn, esou wéi d'Opferen vum Mënschenhandel zum Beispill, di grouss Gefor lafen ganz vergiess ze ginn.

Gilbert Pregno
Président vun der Mënschenrechtskommissioun